LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 1793 vum 20. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

**Ad 1)**

Nee.

**Ad 2)**

Vu datt d'Thees *A bioethical analysis of the place of consent in organ donation with particular reference to the United States, Germany and Austria : dissertatio ad doctoratum in Facultate bioethicæ Pontificii athenaei Regina Apostolorum* (2017) vun der Prinzessin Claire net zu Lëtzebuerg op der Universitéit, mee zu Roum um Ateneo Pontificio Regina Apostolorum eragereecht gouf, gëtt et keng Obligatioun, fir en Exemplaire am Kader vum Gesetz vum Dépôt légal an der BnL ofzeginn. Theesen, déi am Ausland op Universitéiten eragereecht ginn, ënnerleien also net deene Bestëmmungen.

**Ad 3)**

Et handelt sech em eng privat Aktivitéit vun engem Member vun der groussherzoglecher Famill, iwwer déi d'Regierung keng Befugnisser huet.

Op der Grondlag vun de jeeweilege Bestëmmungen an den Doktoratsprüfungsuerdnunge vun den Universitéiten ass et engem Doktorand oder enger Doktorandin am Fall, wou et erlaabt ass, iwwerlooss, op fräiwëlleger Basis eng net veröffentlecht Thees an enger Bibliothéik vun hirem Choix ofzeginn oder net.

Wann eng Thees awer publizéiert gëtt, z.B. um Territoire vum Grand-Duché, ginn zwee Exemplairen am Kader vum Dépôt légals-Gesetz an der BnL ofginn.; wann eng Thees am Ausland publizéiert gëtt, beméit sech d'BnL ëm d'Acquisitioun, wa se Kenntnis vun der Publicatioun huet.

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN